



andeems mer och eng ganz Rëtsch vun zäitleche Begrenzungen an deem heiten Text virgesinn.

Well en esou kuerz ass, géif ech en einfach just wëllen hei virlesen, den Artikel 32. (4), esou wéi mer en also no längeren Deliberatiounen an eiser Kommissioun festgehalen hunn. Dat géif wéi folgt ausgesinn:

«(4) En cas de crise internationale ou de menaces réelles pour les intérêts vitaux ou les besoins essentiels de tout ou partie de la population, le Grand-Duc, après avoir constaté la gravité de la situation et l'urgence, peut prendre en toutes matières des mesures réglementaires appropriées, même dérogatoires à des lois existantes. Il en est de même en cas de péril imminent résultant d'atteintes graves à l'ordre public.

Ces règlements ont une durée maximale de validité de trois mois. Ils cessent d'avoir effet en même temps que prend fin l'état d'urgence.

La Chambre des Députés se réunit de plein droit. Elle ne peut être dissoute pendant l'état d'urgence. En cas de dissolution préalable, la Chambre des Députés reprend ses fonctions jusqu'à l'assermentation des députés nouvellement élus.

La prorogation de l'état d'urgence au-delà de dix jours ne peut être autorisée que par une loi votée dans les conditions de l'article 114, alinéa 2 de la Constitution.

La loi en fixe la durée sans pouvoir dépasser une période totale de six mois.»

Voilà, dat wär deem Text, deem ech hei géif depouéieren.

**6938** - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 4 de la Constitution

An ech géif de President bieden, en dann och an déi legislativ Prozedur eranzeginn, natamment relativ schnell un de Conseil d'Etat virunzeginn, well do läit momentan jo och eis Proposition, fir am selwechten Artikel de Paragraph 3 ëmzënnern. Da kéinten déi doten zwou Saachen zesumme gekuckt gi respektiv och herno vläicht zesummen hei an der Chamber debattéiert ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Bodry. Da maache mir dat esou.

Sou, an da gi mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwer, dat ass de Projet 6863 iwwert d'Ofschafe vum Centre Virtuel de la Connaissance sur l'Europe. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur vum Projet, den honorabelen Här André Bauler.

#### 4. 6863 - Projet de loi abrogeant la loi du 7 août 2002 portant création du Centre Virtuel de la Connaissance sur l'Europe

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace**

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, de Regierungsprogramm gesäit d'Schafung vun engem Institut fir Zäitgeschicht vir. D'Regierung huet beschloss, dëst Institut am Kader vun der Universitéit Lëtzebuerg opzemaachen, dat als Centre interdisciplinaire.

D'Haaptzil vun deem neien Institut, dat op besteeënd Kompetenzen an Erfahrungen opgebaut gëtt, läit doranner, all Ustengungen ze bündelen an esou Synergien am Domän vun der Fuerschung iwwert d'Geschicht vum Lëtzebuerg am 20. an 21. Johronn ze schafen.

(*Mme Simone Beissel prend la présidence.*)

Dorënner fält d'Opschaffe vun den Evenementer am Zweete Weltkrich ënnert der däitscher Okkupatioun, dorënner fält och eis Geschicht am europäesche Kontext an zum Beispill och d'Analys vun eiser wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung.

Et geet drëm, fir den nationalen Dispositif de recherche méi iwwersiichtlech ze gestalten an och derfir ze suergen, dass d'Risiko vun enger Verduelung vun de Fuerschungsustengunge reduzéiert ginn, souwuel wat d'Themen ubelaangt wéi och d'Methodologien.

De Centre Virtuel de la Connaissance sur l'Europe gouf duerch d'Gesetz vum 7. August 2002 geschafen an e soll dann elo an d'Uni integréiert ginn.

Préziéiere mer nach, dass de CVCE, wéi en och genannt gëtt, als Établissement public d'Missioun huet, fir dozou bäizetroen, de Prozess

vun der europäescher Konstruktioun a senger historescher, juristescher, politescher a wirtschaftlecher Dimensioun besser ze verstoen an des Analys ze verdéieren.

De CVCE benotzt och innovant Technologien, andeems a senger Studien op eng numeresch Fuerschungsinfrastruktur zréckgegraff gëtt, déi am Laf vun der Zäit weiderentwéckelt gëtt.

Aktuell huet dësen Zentrum säi Sëtz zu Suessem am Schloss. An hirer Sëtzung vum 27. Februar 2015 huet d'Regierung beschloss, fir d'Raimlechkeete vum Centre Virtuel de la Connaissance sur l'Europe an d'Maison des Sciences humaines op Belval ze plënnern.

Erënnere mer drun, dass de Budget vum CVCE bei ronn 3,8 Milliounen Euro läit. 3,4 Milliounen koumen aus dem Statsbudget; ech schwätzen hei fir d'Joer 2014. De Solde gëtt duerch e sougenannte Financement tiers financéiert, haaptzäitlech duerch international Projeten, déi vun der EU bezuelt ginn, an duerch d'Reserve vum CVCE, déi aus de reportéierte Resultater stamen. 2014 hu ronn 39 Persounen an dësem Zentrum geschafft, wat 36 Vollzäitposten entsprécht.

Madamm Presidentin, och wann déi thematesch Envergure vum Institut fir Zäitgeschicht anescht ass wéi déi vum Centre Virtuel de la Connaissance sur l'Europe, dee sech jo bekanntlech op den europäeschen Integrationsprozess konzentréiert, esou sinn d'Methodologien dach äänlech. Sou wäert dat nach am Kader vun der Uni ze schafend Institut fir Zäitgeschicht vun den intellektuellen Acquisen a vum Savoir-faire profitéieren, déi während méi wéi engem Jorjéngt vum CVCE konnten entwéckelt ginn.

Duerch dëse Gesetzesprojet gëtt d'Gesetz vum 7. August 2002, mat deem de Centre Virtuel de la Connaissance sur l'Europe geschafe gouf, nees ofgeschafft. Am Text ginn d'Modalitéiten vun der Oplesung vun dësem Etablissement a seng Reprise respektiv d'Integratioun an d'Universitéit Lëtzebuerg geregelt. D'Personal, dat am Laf vun de Joren am CVCE ugestallt gouf, gëtt also vun der Universitéit iwwerholl, dëst mat alle Rechter a Flichten. D'Gesetz soll den 1. Juli 2016 a Kraaft trieden.

D'Fuerschungsergebnisser, déi erziilt goufen, an déi intellektuell Rechter, déi de CVCE seng eegen nennt, ginn de plein droit duerch d'Universitéit iwwerholl, an dat vun deem Moment un, wou de CVCE an d'Universitéit integréiert gëtt.

Komme mer dann elo zu den eenzelnen Avisen.

A sengem Avis vum 10. November 2015 stellt de Statsrot sech eng Rei Froen iwwert d'Integrationsprozedur an d'Universitéit. Déi héich Kierperschaft werft an deem Kontext d'Fro op, ob d'Ziler vum CVCE wierklech besser erreecht kënne ginn, wann en an d'Uni integréiert gëtt.

Wat d'Reprise vum Personal ugeet, sou bemierkt de Statsrot, dass den Artikel 29 vum modifizéierte Gesetz vum 12. August 2003 iwwert d'Schafung vun der Universitéit vu Lëtzebuerg scho wuel d'Reprise duerch d'Uni vu Fonctionnaires a gewëssenen Etablissementen, déi duerch den Artikel 2 vum modifizéierte Gesetz vum 11. August 1996 iwwert d'Reform vum Héichschoulwiese viséiert sinn, virgesäit, mä dass de CVCE net en Deel vun dësen Etablissementen ass. Doraus schléisst de Statsrot, dass am Fall, wou d'Personal vum CVCE Leit regroupéiert, déi duerch en anere Kontrakt un dëst Etablissement gebonne si wéi ee Kontrakt, deem dem Droit privé ënnerläit, dass dës Leit also net duerch d'Uni kënne iwwerholl ginn an dass déi Situatioun aneschters geregelt misst gi wéi duerch dës Dispositioun.

D'Chambre des Salariés gëtt an hirer Dépêche vum 15. September 2015 hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet, während d'Statsbeamtekommer an hirem Avis vum 8. Oktober méi kritesch ass. Si weist sech nämlech besuergt iwwert de Wëlle vun der Regierung, fir verschidde Recherchezentren ofzeschaffen a se an d'Uni ze integréieren. Gleeft een der Statsbeamtekommer, sou besteet e gewëssene Risiko, dass vun deem Moment un, wou d'Universitéit all déi Zentren ënnert hirem Hutt vereenegt huet, nëmmen nach eng wëssenschaftlech Approche zougelouss wier.

An den Ae vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés Publics wier eng objektiv, équilibréiert an diversifizéiert Fuerschung nëmmen da méiglech, wann d'Onofhängegkeet vun de verschiddenen Instituter garantéiert ass souwéi hiert Recht, d'Methodologien an d'Sujete vun der Fuerschung ze wielen.

Madamm Presidentin, zum Schluss wëll ech all de Kolleginnen a Kollegen aus der Héichschoulkommissioun Merci soe fir hir konstruktiv Mataarbecht an dësem Dossier. Merci och den héije Beamten aus dem Héichschulministerium fir hir Explikatiounen - si sëtzen haut souguer

zu véier hei um Ducksall - an awer och der Madamm Carole Closener, dass si d'Madamm Joëlle Merges an dësem Dossier als Secrétaire administrateur entlaascht huet.

Dat war et. Merci, Madamm Presidentin. An elo ginn ech mech setzen.

(*Hilarité*)

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Rapporteur André Bauler. An als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Serge Wilmes. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'Éischt emol Merci dem Kolleg André Bauler fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. En huet dat hei am Detail gemaach, ëm wat et an dësem Projet de loi geet, nämlech dass de CVCE soll ofgeschafft ginn an an d'Uni integréiert ginn.

Ier ech awer op d'Integratioun vum CVCE an d'Uni wäert agoen, wollt ech fir d'Éischt nach eng Kéier zréckgoen an déi Zäit, wou de CVCE iwwerhaupt geschafe ginn ass, firwat deem iwwerhaupt geschafe ginn ass, wat de Kontext deemools war. Dat war ufanks den 90er Joren an deenen Debatte ronderëm den Traité vu Maastricht, wou u sech festgestallt ginn ass, dass e Besoin géif existéieren no fiabelen an och onofhängegen Informatiounen an Dokumentatiounen iwwert d'Europäesch Unioun, well ebe gemierkt ginn ass, dass net méi onbedéngt jiddwereen an deenen Debatten iwwerhaupt verstanen huet, firwat dass d'europäesch Integratioun gemaach ginn ass, firwat se sollt weidergemaach ginn.

Well mat deem Traité gouf nämlech d'Europäesch Unioun geschafen an dat war e fundamentale Schratt no vir, wou virdrun eng Europäesch Gemeinschaft a Wirtschaftsgemeinschaft existéiert huet. Dofir ass déi Iddi opkomm, fir esou en Zentrum ze schafen, wou da jiddwereen Informatiounen an Dokumentatiounen iwwert d'europäesch Integrationsgeschichte vun 1945 u kéint fannen.

Dat war schonn eng ganz innovativ Iddi, well et huet bis dohin net existéiert. Wat awer nach vill méi innovativ war, dass war, fir dat ze maache mat Hëllef vun deenen neien Informatiouns- a Kommunikationtechnologien. Déi waren zu deem Zäitpunkt net méi grad an de Kannerschong, mä et war awer trotzdem nach net esou evident wéi dat hautdesdaags ass. Mir kënne eis alleguerten hautdesdaags keng Welt méi ouni den Internet virstellen. Mir hunn en och hei alleguerte virun eiser Nues. Mir kënne an dausend Sekonnen all d'Informatiounen do kréien.

Mä zu deem Zäitpunkt war deem Envol nach net grad geholl. A fir do de Wee ze goen an ze soen: „Mir maachen dat mat Hëllef gäre vun enger Onlineplattform, déi mer domadder kënne engem breede Public eng Kéier zur Verfügung stellen“, dat war scho wierklech ganz wäit gekuckt. Dat war innovativ. An ech mengen, hautdesdaags huet dee Schratt vun deemools absolutt Sënn gemaach an et huet hinne recht ginn, déi Initiativ do ze huelen.

De CVCE huet sech dunn iwwert déi lescht 20 Joer enorm weiderentwéckelt. En huet eng ganz Partie vu Saachen op d'Bee gesat. Fir d'Éischt emol ass et drëms gaangen an deenen éischte Joren, ier en d'legal Basis krut, fir déi Onlineplattform a fir déi ganz Technologie emol op d'Been ze setzen an domadder emol iwwerhaupt sech ze lancéieren. Dunn ass 2002 jo och déi legal Basis komm mat dem Gesetz - wat haut nees soll ofgeschafft ginn -, fir dee CVCE formell och entstoen ze loosse.

A wa mer haut kucken op de CVCE, an de Rapporteur huet et jo scho gemaach, da schaffen do elo aktuell eng ronn 40 Leit aus deene verschiddensten Disziplinen. Et sinn net nëmmen Historiker, et si Soziologen, et si Politikwissenschaftler, et sinn Informatiker, et sinn Experten och am Droit, well se eng interdisziplinär Approche hunn an deem CVCE a virun allem sech dann ënnerscheede vu vläicht deene méi klassesche Fuerschungs- an Dokumentationszentren doduerch, dass se dat digital maachen, dass se mat den digitale Medien a Moyenen do schaffen, fir déi Dokumentatioun kënne zesummenstellen a fir se domadder och de Leit alleguerten, mä virun allem och den Enseignanten an de Fuerscher, kënne zur Verfügung ze stellen.

Dat ass d'Situatioun eben haut. Elo ass de Choix getraff gi vun der Regierung, fir de CVCE ofzeschaffen a fir en an d'Uni ze integréieren. Dat ass ee Choix, wou een am Prinzip näischt dergéint kann hunn. Ech mengen, dass ass e Choix, dee kann een esou treffen. Et hätt ee genausou gutt kënne och de Choix treffen, ze soen: Mir behalen de CVCE bäi als eegestänne-

gen Institut oder Zentrum a mir kucke vläicht, e weiderzëentwéckelen.

Bon, ech mengen, et ass elo hei ee Wee ageschloe ginn, dass kënne mer och elo net méi an deem Moment réckgänge maachen. Mä mir selwer hätten eis awer emol vläicht gewënscht, dass emol géif e Bilan gemaach ginn och vun den Aarbechte vum CVCE, wat seng Missioun sinn, ob e seng Missiounen och wierklech erreecht huet an ob e se dann och wierklech besser kann erreeche mat enger Integratioun an d'Uni.

Mir sinn elo mat dëser Situatioun konfrontéiert, dass d'Regierung déi Décisioun geholl huet, fir en ofzeschaffen, ouni dee Bilan do ze maachen. Mä awer stelle sech do eng ganz Partie Froen fir eis, nämlech: Wäert de CVCE och wierklech Deel vun dem Institut fir Zäitgeschicht ginn oder net?

Well an enger éischter Phas emol, esou steet et jo och kloer am Gesetzesprojet, gëtt en elo emol Deel vun der Uni, dass heescht, vun der Fakultéit. Da muss en emol integréiert ginn, well d'Institut fir Zäitgeschicht, dass existéiert jo nach guer net. Dat soll dann zwar, wéi eis jo och gesot ginn ass vum Minister Hansen, vum 1. Juli un, wann dann den Direkter an deem Moment fonnt ginn ass an och agefallt ginn ass, soll dat da funktionnéieren. Mä bis dohin awer, déi Méint, déi elo nach bleiwen, gëtt de CVCE also an d'Fakultéit integréiert.

Do bleiwe fir eis awer eng Partie Froen, nämlech déi: Wéi wäert en dann do integréiert ginn? Wou fënnt en dann do seng Plaz? Ginn alleguerten déi 40 Leit elo einfach tel quel an d'Geeschteswëssenschaften-Fakultéit iwwerholl? Wéi kënne déi do mat hire Projeten, déi um Lefe sinn, weiderfuere? Wéi kënne se do hiert Wëssen, hir Expertise mat erabringen, och par rapport zu deene Wëssenschaftler, déi elo schonn do sinn?

Doriwwer eraus muss ech dann d'Fro stellen: Wa bis den Institut fir Zäitgeschicht geschafen ass, ginn dann och déi Leit, déi elo op der Uni wäerten integréiert ginn, herno komplett vun deem Institut iwwerholl oder wäerten eng Partie zum Beispill an der Fakultéit bleiwen an et geet nëmmen en Deel eriwwe an den Institut fir Zäitgeschicht? Wéi grouss ass d'Plus-value vum Institut fir Zäitgeschicht duerch u sech déi ganz numeresch Kompetenz, déi se matbréngen? Et gëtt op der Uni och en Departement an der Geschicht, dat och Digital Humanities mécht. Wéi wäert do herno déi Zesummenaarbecht sinn tëschent deenen zwou Strukturen? Wéi wäert och dann am Allgemengen d'Zesummenaarbecht sinn tëschent all deene Strukturen, déi mussen an den Institut fir Zäitgeschicht dann integréiert ginn?

Dir gesitt also, dass sech do eng ganz Partie vu Froen nach trotzdem fir eis stellen, déi nach net esou kloer sinn, well mer awer hei e kloert Konzept e bësse vermessen: Wéi soll en Institut fir Zäitgeschicht op d'Bee gestallt ginn? Ech weess zwar elo, dass d'Regierung wäert antworten, dass dat u sech net der Regierung hir Suerg méi ass, dass et net un hir ass, fir déi Modalitéiten do ze klären. Dass ass vläicht net ganz falsch, mä et ass och net ganz richtig, well et ass jo net der Uni hire Wonsch gewiescht, fir esou en Institut fir Zäitgeschicht ze schafen.

Ech mengen, de Rapporteur huet et hei ganz kloer am Ufank gesot: Et ass e Wonsch, et ass en Deel vum Koalitionsprogramm, dass esou en Institut fir Zäitgeschicht soll geschafe ginn. Also war et der Regierung hir Décisioun. D'Uni huet dee Projet zwar no Diskussiounen ugeholl a muss also dann och herno d'Detailer ausschaffen.

Mä mir sinn awer der Meinung trotzdem, well et e Regierungsprojet ass, well et de Wëllen ass vun der Regierung, dass mer hätten u sech emol misse fir d'Éischt eng fundamental Diskussioun driwwer féieren, wéi dat soll gescheien. Well mir maachen awer hei e Schnatt, ganz kloer, an der Fuerschungslandschaft, an der zäitgeschichtlecher Fuerschung hei zu Lëtzebuerg. Mir maachen e Paradigmewiessel an do stelle sech awer eng Partie Froen! Mir jiddefalls stellen eis déi Froen. An do ass et awer bis elo net esou kloer, wat dobäi wäert erauskommen. Et ginn zwar grouss Virstellungen, mä e richtig kloert Konzept, wéi dat soll gescheien, vermësse mer bis elo awer.

An dowéinst hu mir och eng Interpellatioun gefrot als CSV, fir emol eng Kéier kënne déi fundamental Debatt, déi Grondsazdebatt do ze féieren: wat bis elo gemaach ginn ass am Domän vun der Zäitgeschicht, wat déi eenzel Fuerschungs- an Dokumentationszentren bis elo geleescht hunn, ob et Sënn mécht, driwwer nozedenken, déi iwwerhaupt zesummenzeleeën. Do gëtt et jo nach aner Modeller, déi een hätt kënne oder déi een nach ëmmer kéint ëmsetzen. An dann hätt een doraus vläicht kënne e gemeinsame Projet oder gemeinsam Virstellungen, gemeinsam Schnëttpunkte fannen, esou wéi dat regelméisseg vun





der Regierung jo och gemaach gëtt, wa Konsultatiounsdebatten an der Chamber ugefrö ginn.

Jiddefalls, mir hunn déi Debatt do elo gefrot, déi Interpellatioun, mir wëlle se gären an deenen nächste Wochen och féieren, wou mer eng Partie grondsätzlech Diskussiounen eng Kéier wëllen hei op de Punkt bréngen. Dowéinst an awer virun allem och, well mir nach net richtig gesinn, wou de Wee higeet, a well mer virun allem de Risiko och gesinn, datt een op där enger Säit eppes ausereenhëlt, awer nach net richtig weess, wuer se op där anerer Säit soll higoen, déi Rees, wou et besonnesch awer net nëmmen ëm de Contenu geet, dee soll verlagert oder zesummegeleucht ginn, mä och ëm Leit virun allem, déi hannert deem Contenu stinn, déi dat maachen, deenen een awer muss eng Perspektiv ginn - et muss een awer trotzdeem soen, wat mat hinne wäert geschéien -, dowéinst si mir der Meenung, datt mer bei deem heite Projet de loi net kënnen eisen Accord dozou ginn. Mir wäerten eis hei enthalen.

A mir wäerten, wéi gesot, an deenen nächste Wochen nach eng Kéier méi intensiv op déi ganz Diskussioun an op déi ganz Debatt do zréckkommen iwwert d'Zäitgeschicht an iwwert d'Fuerschung an iwwert déi ganz Struktur, wéi mir dat gesinn a wéi u sech och sollt d'Chamber dat gesinn, well et ass eppes, wat eis alleguerten ugeet. D'Chamber gëtt hei gefrot fir dee Projet elo, fir den Institut hei ofzeschaffen. Et mussen nach weider Annerunge gemaach ginn an de Gesetzer, wa mer déi Centres de documentation, d'Villa Pauly an Hollerech, mussen integréieren. An dofir geet et eis eppes un. An dofir hätte mer gären, datt d'Diskussioun hei fir d'Éischt gefouert gëtt, ier mer ebe géifen higoen an esou en neien Institut fir Zäitgeschicht op d'Bee stellen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Wilmes. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Lex Delles. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Lex Delles** (DP). - Merci villmools, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech fir unzufänke mengem Kolleg, dem André Bauler, Merci soe fir säi gudde mëndlechen a schréffleche Rapport. Ech wëll op där Plaz och net weider op de Rapport vun deem Projet an d'Déift agoen - de Rapporteur huet jo schonn alles op déi vun him gewinnte komplett a gutt Aart a Weis gesot -, mä ech wëll e puer generell Remarquen zu engem zukünftigen Institut maachen, wou d'geschichtlech Opschaffung e wichtige Pilier ass.

Et ass net zulescht de Rapport vum Vincent Artuso iwwert d'Roll vun der Verwaltungskommissioun während der däitscher Besatzung, deen zu Lëtzebuerg den Débat iwwer eis rezent Geschicht relancéiert huet. Mat deem Rapport ass e wichtigen aver gläichzäiteg och eréischt en éischte Schratt, an dëst parteiwwergräifend, gemaach ginn, mam Zil vun enger sachlecher an objektiver Opaarbechtung an Diskussioun iwwert dës Zäit.

Et ass dofir an deem Zesammenhang begrëssenswäert, dass d'Regierung plangt, en Institut fir Zäitgeschicht op der Uni Lëtzebuerg an d'Liewen ze ruffen. En Institut, wou verschidden Entitéite wäerte regroupéiert ginn, fir esou Synergien an der Fuerschung ze schafen. Zu deenen Instituter, déi an deem neien zäitgeschichtlechen Institut wäerten integréiert ginn, gehéiert dann eben och de CVCE.

Ech wëll an deem Kontext och betounen, dass et gutt ass, dass dat neit Institut an d'Uni wäert integréiert ginn. Verschidde Stëmme hu sech éischer fir en onofhängegt Institut ausgeschwä. D'Demokratesch Partei steet jiddefalls hannert der Démarche, déi d'Regierung mat der Uni geholl huet, och well mer mengen, dass mat där Démarche de Risiko vun enger parteipolitescher Aflossnam op dat neit Institut ganz geréng ka gehale ginn.

Et ass an eisen Ae wichtig, am Kader vun der historiescher Fuerschung esou Diskussiounen vu parteipolitescher Natur ze vermeiden. D'Resultater solle fir sech schwätzen. Dass een duerno iwwert d'Resultater kann an awer och soll diskutéieren, ass richtig, mä d'Fuerschung u sech dierf net am Sënn vun enger bestëmmter Ideologie an nach vill manner vun enger Partei méssbraucht ginn.

Madamm Presidentin, am Kader vun der Debatt iwwert d'Konklusiounen vum Artuso-Rapport, déi mer am Juni 2015 heibanne gefouert hunn, huet de Spriecher vun der CSV, de Kolleeg Serge Wilmes, deen och elo grad geschwat huet, gesot, dass et wichtig wier, „dass d'Fuerschung iwwert déi Zäit an allgemeng iwwer ons rezent Vergaangenheet weidergeet a mat den néideger Mëttelen ënnerstëtzt gëtt, wéi zum Beispill an engem Archivgesetz“.

Émsou méi verwonnert ware meng Kolleegen an der Héichschoulkommissioun, wéi am Kader vun der Diskussioun iwwert de virleienenden Text e Member vun der CSV-Fraktioun gemengt huet - zwar wuel a sengem perséinlechen Numm, wat d'Saach awer net onbedéngt besser mécht -, dass ee weider net méi an d'Krichsgeschicht, oder besser gesot déi Geschicht vu Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich sollt fuerschen, well domat géifen onnéideg Wonnen opgerappt ginn.

► **M. Eugène Berger** (DP). - Huet dat den Här Oberweis gesot?

► **M. Lex Delles** (DP). - Et geet hei...

► **M. Eugène Berger** (DP). - Här Oberweis?

► **M. Lex Delles** (DP). - ...wierklech net ëm eng Polemik, déi hei soll opkommen, mä et gesäit een einfach nëmmen, dass sech do ganz vill Froe stellen. An et geet och dorëm, dass een, wann een esou Aussoe mécht, dass een do eng ganz Gesellschaft ka splécken.

D'Demokratesch Partei ass awer der Iwwerzeugung, dass d'Geschicht soll a muss opgeschafft ginn! Et muss mat der néideger Oppenheet kënnen geschafft ginn a recherchéiert ginn, fir eis Vergaangenheet, besonnesch an därer schwéierer Zäit, neutral opzeschaffen!

Natierlech dierf et hei net drëm goen, d'No-kommen oder ganz Familljen an e schlecht Liicht ze setzen. Dat ass och sécher net dat, wat e seriöse Chercheur oder Historiker jee-mools géif maachen. Et geet hei ëm eis Geschicht, ëm eis Vergaangenheet. Fir dass dëst sech net méi widerhéit, musse mer se opschaffen!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Lex Delles** (DP). - Madamm Presidentin, d'Demokratesch Partei ënnerstëtzt op alle Fall ganz kloer all Beméiungen, déi mam Opschaffe vun eiser rezenten Geschicht a besonnesch de Geschéinisse am Zweete Weltkrich ze dinn hunn. Och a grad, wa vläicht net ëmmer déi gewënscht Resultater dobäi erauskommen, well mat Legendebildungen an zweifelhaften Duerstellungen muss och kënnen opgeraumt ginn. Oder, wéi de Statsminister et formuléiert huet: „Mir waren net alleguerten Helden.“

Eng modern an oppe Gesellschaft muss sech kënnen esou enger Diskussioun stellen. Si muss esou Debatte kënnen aushalen. Dat si mir eis schëlleg, awer virun allem och deene Leit, déi deemools opgrond vun hirem Engagement, vun hiren Iwwerzeugungen, hirer ethnescher Zougehéieregkeet, vun hirem Glawen an hirer Nationalitéit hu misse leiden, an de Prisong hu misse goen oder souguer hiert Liewen hu misse loossen, deene Familljen an individuelle Schicksaler, déi zerstiéert goufen.

Fir ofzeschlësse wëll ech awer nach zum virleienenden Text eisen Accord vun der Demokratescher Partei ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Delles. Als nächst Riednerin ass ageschriwwen d'Madamm Taina Bofferding. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Taina Bofferding** (LSAP). - Merci. Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, oft stëmme mer hei an der Chamber iwwer Gesetzer of, mat deenen eppes geännert an domat och eppes Neies geschaf gëtt. De Projet de loi 6863, iwwert dee mer elo hei diskutéieren an ofstëmme, gehéiert awer zu deenen Texter, mat deenen eppes doduerch geännert gëtt, dass eppes ofgeschafft gëtt. Zumindest ass dat esou, wann een de Gesetzesprojet isoléiert fir sech betuecht.

Et geet jo hei, wéi de Rapporteur sot - den André Bauler, deem ech op där Plaz dann och wëll Merci soe fir säi ganz ausféierleche schréfflechen a mëndleche Rapport -, ëm d'Gesetzlecht Ofschafe vum CVCE. Allerdéngs, an dat ass net en onwesentleche Punkt: Mir schafen e jo hei net komplett of, well mer en net méi brauchen oder net méi wëllen. Au contraire! Am Sënn vun enger méi grousser Effizienz, enger Vereinfachung vun der nationaler Fuerschungslandschaft an och fir Verdueblungen oder Iwwerschneidungen vun de Fuerschungsprojeten ze verhënneren, gëtt dësen Zentrum formell zwar ofgeschafft, gläichzäiteg awer an den zukünftigen Institut fir Zäitgeschicht integréiert.

Dëst zesumme mat den Dokumentatiouns- a Fuerschungszentren iwwert d'Zwangsrekrutierung an iwwert d'Resistenz genaousou wéi dem Centre d'études et de recherches européennes Robert Schuman. Zesumme mat deene schonns op der Uni existéierende Strukturen a Capacitéiten, wéi zum Beispill dem Geschichtsinstitut mam Département d'histoire numérique oder nach der Chaire Jean Monnet, sollen esou all national Kompetenzen am Beräich vun der Erforschung vun der Geschicht vum 20. an 21. Jorhonnert gebündelt ginn.

D'Regierung wëllt op deem Wee d'Wichtigkeet ënnersträichen vun enger déifgrënneger respektiv enger erneierter Fuerschung vum Temps présent, also vun den 30er Joren iwwert den Zweete Weltkrich bis haut. Och gesäit d'Regierung, esou wéi se an hirem Conseil vum 5. Juni 2015 matgedeelt huet, hei eng eemoleg Chance, fir mat engem neien innovativen Zentrum eng Kompetenznisch mat sozioökonomeschem Potenzial fir eist Land ze besetzen.

Dësen Institut fir Zäitgeschicht, deen elo op de Belval kënn, soll ee vun den insgesamt dräi interdisziplinären Zentren vun der Uni Lëtzebuerg ginn. An deem Sënn gesäit de Projet de loi vir, dass all d'Fuerschungsergebnisser an all intellektuell Rechter zum 1. Juli dëst Joer ganz an d'Uni ginn. D'sozialistesche Fraktioun begrësst, dass d'Personal mat alle Rechter an all sengen Acquisen, déi et haut huet, vun der Uni iwwerholl gëtt. D'Problemer, déi duerch hire Statsbeamtestatut am Fall vun der aktueller Directrice opgetaucht sinn an op déi och de Statsrot a sengem Avis opmierksam gemaach huet, sollen am Dialog geleist ginn.

Genaousou wichtig ass fir eis awer och, dass deen neien Direkter oder vläicht déi nei Directrice, déi an deenen nächste Méint soll rekrutéiert ginn, dat néidegt Fangerspëtzegefill beweise wäert, fir d'Équippen aus deene verschiddenen Zentren, déi all verschidde Formatiounen an Hannergrënn hunn, beschtméiglech an engem Institut ze fusionéieren.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, och wa mer haut iwwert d'Ofschafe vum CVCE a senger Integratioun an den IHTP schwätzen, erlaabt mer awer wann ech gelift, e puer Gedanken iwwert dësen Institut duerzelleen an op d'Geforen hinzeweisen, déi et eiser Meenung no géllt ze évitéieren.

Lëtzebuerg brauch en Institut fir zäitgenëssesche Geschicht, a mir als LSAP begrëssen, dass dës laangjäreg Fuerderung vun eiser Partei erfëllt a formell esou en Institut opgeriicht gëtt.

Fir eis ass d'Zil vun deem Institut, eng opklärend a wëssenschaftlech objektiv Erënnungskultur ze schafen, déi sech op eng widerspréchelech Manéier (veuillez lire: op eng kontradiktöresch Manéier) op dat Ganzt vun der Lëtzeburger an europäescher Geschicht bezitt, an esou demokratesch Wäerter ze vermëttelen. Andeems den Institut fir Zäitgeschicht elo an d'Uni agegliddert gëtt, besteet de Risiko, dass den ursprénglech geplangten Zweck vun der zäitgeschichtlecher Fuerschung am Interessi vum Land aus deene verschidenste Grënn verluer kéint goen, sief et aus personellen oder aus finanzielle Grënn oder well d'Uni einfach eng aner Ausrichtung décidéiert.

D'Méiglechkeet fir d'Regierung, da just als D'mandeur fir eng Recherche d'Fuerschung bei national relevanten Theme vun deem Institut an Usproch ze huelen, wäert eventuell net esou gi sinn, wéi wann den Institut onofhängeg vun der Uni géif agéieren. Mir därefe spéider net an eng Situatioun kommen, wou am Extremfall den Institut der Demande vun der Regierung net entgéintkëim an esou am Ausland e géegnete Partner misst fonnt ginn.

Et besteet de Risiko, dass d'Besoin vum Land an deem Geschichtsberäich fréier oder spéider mat de Pläng vun den universitären Fuerscher, déi an deene meeschte Fäll net am Beräich vun der Histoire contemporaine aktiv sinn, virun allem wann dës lassgeleest vun allen nationalen Interessen um internationale Parquet aktiv sinn, net iwwereneestëmme.

Et muss évitéiert ginn, dass déi national Histoire du temps présent riskéiert, an der Multitude vu Fuersungen, déi der Uni méi bréngen, sief et a Saache Renommée oder a Saache Finanzen oder ganz einfach an der elo geluefterer Multidisziplinaritéit, carrément ënnerzegoen. Et wier bedauerlech, wann dësen „Megaprojet“, wéi e jo heiansdo emol gäre genannt gëtt, näischt aneschtens géif gi wéi eng Fassad ouni verwäertbaren Output am zäitgeschichtleche Sënn.

Trotzdem wëll ech awer elo net hei den Däiweel un d'Mauer molen, schliisslech huet d'Uni ënner anerem als Missioun, zur sozialer, kultureller an ekonomescher Entwécklung vum Land bäizedroen. A wa si sech dëst aus Siicht vun der zäitgeschichtlecher Fuerschung ëmmer erëm virun Ae féiert, da sinn ech ganz zouversiichtlech, dass déi virdrü beschriwwen Risiken op e Minimum kënnen reduzéiert ginn.

Dëst gesot, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn domadder dann och direkt den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci der Madamm Bofferding. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (déi gréng). - Merci, Madamm Presidentin. Fir d'Alleréischts selbstverständlech Merci un de Rapporteur, den Här Bauler, fir säin ausféierleche schréffleche Rapport. An, Här Bauler, ech hat d'Gefill, wéi wann Der am mëndleche Rapport nach een dropgesat hätt, dee war nach méi ausféierlech! Och duerfir Merci!

Merci och menge Virriedner, déi schonn eng ganz Rei interessant Aspekter hei gesot hunn. Ech mengen, mir schwätzen haut driwwer, fir de CVCE ofzeschaffen, an ech hunn och festgestallt, datt mer dat net trenne vun der Iddi, fir en Institut fir zäitgenëssesche Geschicht ze schafen. Duerfir probéieren ech och guer net, dat ze trennen, well dat scho mateneen zesummenhängt.

Den Här Wilmes hat interessanterweis och e bëssen iwwert den Historique vum CVCE geschwat. En ass geschaf ginn, huet e gesot, ronderëm den Traité vu Maastricht, well festgestallt ginn ass, datt net méi jiddweree verstanen huet, firwat datt d'EU gemaach ginn ass an datt se sech muss weiterentwéckelen. Här Wilmes, da muss ech leider de Constat maachen, dass e seng Missioun net erfëllt huet, well haut si manner Leit wéi jee, déi déi ganz Prozesser nach verstinn! Also, et bleift op deem dote Gebitt nach ganz vill Aarbecht, wat awer Är Iwwerleung net falsch mécht.

Bilan vum CVCE: Ass e Bilan gemaach ginn? Bon, et gëtt emol op alle Fall e Rapport vun enger Kommissioun vum Enseignement supérieur vum 22. Mäerz 2012. Do war eng Zort Bilan gemaach ginn. Do hate mer och d'Direktesch vun deem CVCE an d'Chamberskommissioun invitéiert. Do ass ënner anerem och rieds gaangen - et ass jo scho méi laang, datt de CVCE mat der Uni Lëtzebuerg zesummeschafft -, do war och gesot ginn, dat war begrësst ginn, déi Zesummenaarbecht, mä leider Gottes hunn d'Rapporturen oder d'Evaluature vun der OECD och gesot: „Unfortunately, no concrete projects were mentioned in the document and it is unclear what kind of cooperation will actually result from this.“

Dat heescht, dat war e bëssen awer onduerchsiichteg, wéi déi Zesummenaarbecht war. A mir waren an der Kommissioun och relativ schlecht drun, well mir haten e schlecht Gefill, mir woussten net: Entweder schafft dee CVCE net esou, wéi mer et gären hätten, da sinn déi Steiersuen, déi mer dohinner ginn, net optimal agesat, oder awer d'Evaluature schaffen net, wéi se hätte solle schaffen, da sinn déi Sue fir d'Evaluatioun net gutt agesat. Also, et war schonn e gewëssene Malaise, dee mer och hatten, wat déi Evaluatioun vun deem CVCE beträff huet.

Deen neien Institut fir Zäitgeschicht, dee mer dann elo wëlle kreéieren, dee soll ee vun den dräi interdisziplinären Zentren op der Uni Lëtzebuerg ginn a kritt eng „prominent a bedeutend“ Roll, esou hat d'Pia Opper den zoustänneg Statssekretär Marc Hansen schonn am September 2015 zitéiert. A mir mengen och, datt et wierklech e staarkt Zeechen ass, wa mer niewent den interdisziplinäre Centre for Security, Reliability and Trust an de Luxembourg Centre for Systems Biomedicine a Lëtzeburger Zenter fir Zäitgeschicht setzen. Ech kann dat nëmmen am Numm vu menger Fraktioun begrëssen.

Domat mécht d'Regierung dann och dat, wat an der Regierungserklärung ugekënnegt ass. Am Juli 2016 soll dann deen neien interdisziplinären Zentrum fir Zäitgeschicht seng Dieren um Unicampus Belval opmaachen. Ob deen Datum anzehalen ass, dat wäerte mer jo da geschwë wëssen. En Direkter gëtt et nach net. An et ass jo och net de Minister, deen dee sicht, mä et ass d'Uni, déi dee sicht.

déi gréng begrëssen d'Schafung vun engem Institut fir zäitgenëssesche Geschicht. Mir hunn och näischt dergéint, datt den Institut elo en interdisziplinären Zenter vun der Uni gëtt. Ob-schonn, déi Diskussioun wier eigentlech derwäert gewiescht, fir e bësse méi intensiv géféiert ze ginn.

Mir begrëssen déi geplangt Regruppéierung an engem eenzegen Institut vu verschiddene méi klengen Zentren, déi sech mat der rezenten Geschicht befaassen. Et ass jo niewent dem CVCE, dee mer mat dem Gesetz vun haut ofschafen an dee mam komplette Personal a mat alle Rechter a Flichte vun der Uni iwwerholl gëtt, och nach de Centre d'études et de recherches européennes Robert Schuman an de Volet Recherche vum Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance an dee vun den Enrôlés de force, déi an den neien Zenter sollen integréiert ginn.





De CVCE ass allerdéngs schonn eleng personal-méisseg, dat ass och scho gesot ginn, mat ronn 40 Mataarbechter dee wäit aus gréissten Akteur, dee wäert verschwannen.

Mir haten d'Méiglechkeet, een och vun der Uni onofhängegen Insitut ze schafen oder eben alles zesummen zu engem interdisziplinären Zentrum vun der Uni ze maachen. D'Regierungserklärung hat sech an där Hisiicht net festgeluecht. Déi zwou Méiglechkeete stoungen op. Mir hate bis elo keng intensiv Gespréicher gefouert, déi fir déi eng oder déi aner Variant geschwat hunn. Et gétt eng ganz Rei gutt Grënn, déi fir déi Décisioun schwätzen, déi mer haut mat dësem Gesetz alauden.

Den neien Institut fir zäitgenëssesch Geschicht ka sech op eng staark Institutioun stäipen, mat hiren Infrastrukturen an Erfahrungen. Et ass duerchaus nozevollzéien, datt et méi sënnvoll ass, e puer méi kleng Unitéiten, déi op äänlech Gebitt Recherche maachen, zesummenzeleeën. Domat kënnen mer och évitéieren, datt mer mat verschiddene Moyenen a mat verschiddenem Personal datselwecht maachen.

Et dierft och wichteg sinn, fir d'Ausrichtung vun deem neien Institut ze definéieren, datt déi Rumm vun der Uni do ass. Do ass virop den aktuellen Institut d'histoire op der Uni, deen an deem neien Zentrum kéint integréiert ginn. Vun de bal 50 Historiker maachen der den Ament just e puer Lëtzebuerger Zäitgeschicht. Dat kéint bedeuten, datt d'Mandat vun deem neie Fuerschungsinstitut muss vill méi breet definiert ginn. D'Missioune vum CVCE si jo och wäit vun identesch mat de Missioune vun engem Institut fir zäitgenëssesch Geschicht!

De CVCE huet virun allem um europäeschen Integrationsprozess geschafft an dobäi staark op digital Aarbechtsmethode gesat. An de Statsrot freet sech, ob d'Ziler vum CVCE, wéi se am Gesetz vum 7. August 2002 festgehal goufen, op der Uni besser kéinten erreecht gi wéi virun. Déi Fro kann een natierlech och anescht stellen: Sinn déi Ziler, déi am Gesetz vun 2002 iwwert d'Schafung vun engem Centre Virtuel de la Connaissance sur l'Europe festgehal gi sinn hunn an 13 Joer laang d'Basis vun där Aarbecht waren, eis haut och nach wichteg an an deemselwechten Ausmooss? Doriwwer misste mer matenee schwätzen. An dat ass jo och dann duerch déi Interpellatioun vun de Kollege vun der CSV virgesinn, fir dat hei um Ordre du jour ze hunn. Mir kéinten awer och, an ech hoffen, datt mer och virun nach eng Kéier an der Kommissioun doriwwer schwätzen, fir eis och fir deen Débat ze preparéieren.

De CVCE ass wéi gesot aus der Evaluatioun vun der OECD net onbedéngt mat de beschten Notizen erauskomm. Dat hat ech jo schonn erwänt.

Gëtt automatesch alles besser, wann d'Uni elo alles iwwerhëlt? Wat d'Effikassitéit betrëfft, wärscheinleech schonn. Ech fannen awer och d'Iwwerleung vun der Statsbeamtekummer ganz interessant. Si froe sech: Ass et iwwerhaupt wëschenswäert, datt mer zu Lëtzebuerg all Centres de recherche an d'Uni integréieren? Mir sinn der Meenung, datt et an deem Fall, dee mer haut diskutéieren, scho sënnvoll ass. Mä do stousse mer awer och un eng Rei Grenzen. Zum Beispill hunn déi kleng Fuerschungsinstituten, déi mer och wëllen integréieren, och nach ganz aner Funktiounen. Si hunn eng Valeur als Lieu de mémoire, an dat kënnen mer an dat wëlle mer net vernoléisseg! An dat kënnen mer an dat wëlle mer och net an d'Uni integréieren.

D'Uni ass eng onofhängeg Institutioun an dat ass gutt esou an och net anescht virstellbar. Dat huet awer och Nodeeler: Mir kënnen hir engersäits iwwer Contrat de performance schonn eng Rei Richtlinie virginn, a wéi eng Richtung soll recherchéiert ginn. Op där anerer Säit ass eng Uni awer och ëmmer e Betrib mat engem eegener Dynamik. An alles, wat een esou aus dem Beräich Organisationsentwicklung kennt, spillt och bei der Uni mat. Eng Uni ass e staark hierarchiséierte Betrib, mat méi oder manner motivéierte Mataarbechter, déi och méi oder manner Interessi drun hunn, hir eegen Interessen ze verteidegen.

E Beispill aus der Sproochfuerschung: Ee Professor ass eventuell méi drun interesséiert, ob seng Fuerschung iwwert d'Sproochevillfalt him hëlleft, säin internationale Ruff a säi Léierstull ze festegen, wéi datt dës Resultater onbedéngt dem Lëtzebuerger Schoulsystem virunhëllefen.

Ech wëll hei keng Zensuren ausdeelen an och d'Aarbecht vun der Uni net an e schlecht Licht stellen, mä ech mengen, dat si Problematiken, déi ëmmer erëm optauchen. Gëschter war en Artikel am „Tageblatt“ vun enger Wëssen-

schafflerin, dem Pascale Engel de Abreu, dat gesot huet, datt zum Beispill eis Tester, wat d'Dyslexie ugeet, do musse mer ëmmer op Tester aus anere Länner zrëckgräifen, aus Däitschland oder aus Frankräich. An do wieren anscheinend Fuerscher op der Uni Lëtzebuerg bereet, och eegen Tester auszeschaffen, mä do ass de Fonds national de la Recherche, deen nëmme wëllt international Fuerschungen ënnerstëtzen an duerfir keng Sue bereetstellt.

Also, déi Reiwungspunkten tëschent den Interesse vum Land an de gröisseren Interessen, den iwwergeuerdneten Interesse vun der Fuerschung sinn e reelle Fait. An domadder musse mer eis auserneesetzen.

Mir wëssen net, wéi vill Autonomie een Institut d'histoire du temps présent innerhalb vun der Uni kritt. Mir wënschen eis, datt déi zäithistoresch Fuerschung sech natierlech mat der Geschicht ronderëm den Zweete Weltkrich auserneesetzt, mä awer net just domadder. Mir menge schonn, datt deen Institut méi e breet Mandat soll kréien.

Iwwert d'Regelunge mam Personal, wou den Här Wilmes och eng Rei Froen hat, wëll ech just eng kleng bescheiden Ausso maachen: Wann do verschidde Saachen eis haut komesch virkommen, da solle mer eis bewosst sinn, datt et net ëmmer einfach ass, al lerschafte propper opzeléien. Erstaunt war ech allerdéngs, datt ech nach de leschte Weekend um Internetsite vum CVCE eng Annonce vun e puer vakante Poste fonnt hunn. Si sichen „trois chercheurs en études européennes“, an zwar een dovunner och nach à durée indéterminée! Mir stellen eis also engersäits d'Fro, ënner wéi enge Konditiounen déi Leit, déi am CVCE schaffen, vun der Uni iwwerholl ginn, anerersäits klénge et esou - dat ka jo bal net sinn! -, wéi wann de CVCE nach selwer géif Leit astellen.

Madamm Presidentin, ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun zum Projet de loi 6863. Ech wënsche mer an nächster Zukunft eng Debatt souwuel an der Kommissioun wéi och an der Chamber iwwert d'Ausrichtung vum Institut fir zäitgenëssesch Geschicht zu Lëtzebuerg.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Adam. Deen nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Villmools Merci, Madamm President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus en häerzleche Merci un den Här Bauler fir e ganz interessanten a komplette Rapport.

Mir stellen eis eng Rei Froen als ADR, wat elo hei dëse Projet de loi ugeet, an déi éischt sinn emol, wat d'Prozedur ugeet.

Dat ass relativ séier geschitt, dat heiten. Den Här Minister ass mat engem Projet de loi an d'Chamber komm eng Woch, mir hunn eemol driwwer geschwat, nach eng Kéier driwwer geschwat eng Woch drop, an elo, praktesch 14 Deeg, dräi Wochen drop ass de Rapport schonn an der Plénière. Dat ass ganz séier. Et muss ee sech froen, firwat dat muss esou séier goen, zemoos well d'Chamber nach am Dezember reklaméiert hat bei der Regierung, datt se u sech wëllt Zäit hunn, fir als Parlament och kënnen an aller Serenitéit an a Rou d'Aarbecht ze maachen, déi e Parlament soll maachen. An et wäeren, wéi och meng Virriedner hei gewisen hunn, ganz vill Froen nach ze kläre gewiescht, ier mer un de Vott vun dësem Projet de loi kommen.

Et ass e bëssen erëm eng Kéier e Manktum vum Parlament a virun eiser Méiglechkeet, eis eng Meenung wierklech ze bilden. Mä dee Manktum u Rou an u Respekt, deen hu mer och festgestallt, wéi d'Regierung mat deenen akademeschen Institutiounen hei am Land ëmgeet! Et ass net eisen Androck, datt mat deenen akademeschen Institutiounen, déi hei viséiert sinn, am Virfeld geschwat ginn ass! Dat schéngt éischter esou ze sinn, no deenen Echoen, déi mir kréien, datt do ganz vill Iwwerraschung war, datt do déi Instituter praktesch gesot kruten, datt se géifen ofgeschafft ginn.

D'Regierung hat dat och scho gemaach mam Institut d'études européennes et internationales, gläich no hirem Untrëtt. Dat ass schued, well dat hätt kënnen och e ganz interessant Instrument am Dëngscht vun eise Ausseministère sinn, oder op jidde Fall complémentaire zu der Aarbecht vun engem Ausseministère, fir do esou en Institut ze hunn.

Selwer d'Universitéit ass och virun e Fait ac-compli gesat ginn! Sécher, de Minister ka soen, datt de Conseil d'administration dat ofgeseent huet, mä u sech ass jo awer de Choix imposéiert ginn! D'Universitéit hat just trois Centres interdisciplinaires, dräi Stéck. An et ass natierlech dann net de Choix vun der Universitéit gewiescht, fir elo ausgerechent deen do Institut

opzehuelen. Mir wëssen net, wat de Choix vun der Universitéit gewiescht wär.

Also, allgemeng muss ee soen, datt d'Regierung hei mat enger Meenung kennt a se souwuel géintwuer deenen akademeschen Institutiounen oder aneren Institutiounen, déi hei beträff sinn, wéi och géintwuer eis hei duerchsetzt!

Well et muss een da froen, wéi dat soll goen. Et ass esou, d'Universitéit selwer huet, wéi och schonn ugeklungen ass, Zweifel um Respekt virun hirer Onofhängegkeet duerch déi Manéier, wéi elo d'Regierung mat hir ëmgesprongen ass. Si huet methodologesch Zweifel, wat de Sënn iwwerhaupt vun engem Institut fir Zäitgeschicht ugeet. Et stelle sech Froen vun der Relatioun tëschent der Fakultéit fir Geschicht an deem neien Institut an och zum imposéierten Zäitplang. Et ass an der akademescher Welt net üüblech, elo am Januar oder Dezember eng Plaz auszeschreiwen an dann ze mengen, sechs Méint drop hätt ee schonn en Direkter, deen nomméiert wär an dee kéint d'Feierung vun esou engem Institut iwwerhuelen. Dat dauert allgemeng méi laang wéi esou.

Dann hu mer och kee Konzept presentéiert kritt. Mir wëssen zwar, wat mer sollen ofschafen, näamlech de CVCE, de Centre Robert Schuman, de Centre de documentation iwwert d'Resistenz an deen iwwert den Enrôlement forcé, mä mir hu kee Konzept presentéiert kritt, wou d'Rees da soll higoen! An den Här Hansen hat hei nach an der Chamber gesot, dat wor den 11. Mäerz: „A wa mer bis eng Kéier esou wäit sinn, wäerte mer natierlech och d'Presentioun maache vun deem Institut an och, wéi et herno wäert ausgesinn a wou et eventuell och situéiert wär.“ Näischt dovunner ass age-tratt! Mir kréie just gesot, wéi de CVCE soll ofgeschafft ginn, awer dat, wat hei versprach gouf, gouf net agehalen. Mir wëssen, mir kennen deen neie Konzept net!

Mir wëssen och net, wat mat deem wäertvollen akademeschen Héritage a mat der internationaler Visibilitéit vum CVCE oder vum Centre Robert Schuman soll geschéien. De Centre Robert Schuman wor ausserdem nach den europäesche Sekretariat vun deenen Zentren, déi et uechter Europa gétt. Et huet een den Androck, datt hei ouni Nout - ouni Nout! - an ouni iwwerzeegend Konzept eng Rei vun akademeschen Institutiounen sollen demontéiert ginn. An dat ass eng Form vun Nation Branding, déi eis schuet, zemoos well déi Instituter eben och eng grouss Visibilitéit am Ausland haten.

Dann, wéi och d'Chambre des Fonctionnaires gesot huet, ass de Risiko vun enger Synchronisation do vun der wëssenschaftlecher Fuerschung, oder vun enger Pensée unique. Dat heescht, deen Exercice, deen d'Regierung hei mécht, dee kann een net einfach ekonomesch analyséieren, mä et ass wierklech d'Reduzéierung vun der Villfalt vun der akademescher Landschaft hei am Land. An dat ass prinzipiell keng gutt Saach.

Mir wëssen haut net, wéi den Devoir de mémoire soll virugefouert ginn, deen awer e Stat huet géintwuer senger Geschicht an nottamment mir géintwuer dem Zweete Weltkrich. Mir hu jo gesinn, datt déi nei Regierung nëmmen nach Alibizeremonien organiséiert, zënter datt se hei ass, wann et ëm d'Mémoire vum Stat geet, sief et fir déi amerikanesch Befreier ze feieren, sief et fir den Enrôlement de force oder aner Evenementer vun eiser Geschicht ze commemoréieren. Dat leeft alles um allerënneschten Niveau. A mir wëssen net, wéi dat alles soll virgoen. Mir héiere just iwwer Ecker, datt elo soll e Comité de mémoire de la Deuxième Guerre mondiale geschafe ginn. An och do wësse mer net, wou et higee.

Mir wëssen haut net, wat mat de Gebaier a mat de Lieux de mémoire soll geschéien, wéi zum Beispill dem Suessemers Schloss, dem Gebuertshaus vum Robert Schuman, mä virun allem och der Villa Pauly, der Hollerecher Gare, der Pafemillen. Alles dat wësse mer net! Genau sou mann wéi mer wëssen, wat mat verschiddene Leit geschitt, déi elo an deenen Instituter schaffen, a wéi et mat deene finanzielle Mëttele an Zukunft soll virgoen, déi haut fir déi véier verschidden Zwecker benotzt ginn, déi mer elo ernimmt hunn. Woubäi een net ka soen, dat ass alles ongeféier an eng äänlech Richtung, well e Centre de documentation iwwer zum Beispill den Enrôlement de force huet relativ wéineg ze di mat dem CVCE. Also, do ass schonn och e gewëssenen artificielle Regroupement, dee geschitt.

Wann esou eppes ass, wat a priori weder d'Initiativ vun den akademeschen Institutiounen ass a wou ee gesäit, datt an der Prozedur esou vill Drock gemaach gëtt, ouni e Konzept ze kennen, da muss ee sech natierlech Froen stellen iwwert den eigentlechen Zweck, deen do derhannert stécht!

A mir hunn dee bis elo net gesinn. Mä mir müssen eis awer Froen stellen! A mir wësse jo hei

am Land, datt et op jidde Fall vun enger Partei - vläicht souguer vun zwou, d'Sozialisten op jidde Fall - traditionell éischter ugesi ginn ass, datt déi Instituter, déi mer virdu genannt hunn, éischter géifen no bei enger Partei stoen, enger méi grousser anerer Partei, an dat huet se gestéiert. Vläicht ass och do e gewëssent Émschreiw vum der Geschicht oder eng gewësse Reprise vun der Geschichtsschreiwung hei am Lëtzebuerger Land intentionnéiert.

Ech wëll lech hei emol vläicht an Erënnerung ruffen zwou Saachen: Dat Éischt ass haut geschitt, den Här Delles huet a senger Interventioun speziell de Rapport Artuso ugeschwat. En huet gesot, et mistt elo emol „sachlech an onofhängeg“ iwwert d'Geschicht geschwat ginn, esou als wär bis elo hei am Land net sachlech an onofhängeg iwwert d'Geschicht geschwat ginn, virun deem Rapport Artuso!

An den Här Fayot, deen ech och hei gär zitéieren, deen huet sech hei och den 11. Mäerz 2015 speziell op de Rapport Artuso an enger Fro beruff an e seet: „(...) dee Rapport ass sécher eng Zäsur an der Lëtzebuerger Geschichtsschreiwung, well e weist, a seng Konklusiounen weisen, dass et néideg ass, och zu Lëtzebuerg, fir mat verschiddene Mythen, mat enger gewësser Zort vu Geschichtsschreiwung opzeraumen, déi méi mat ‚storytelling‘ a mat Mémoire ze dinne huet, wéi mat objektiver Historiografie.“

An e bësse méi wäit seet den Här Fayot dann...

(**Interruption**)

Jo, très bien, ech sinn d'accord, well dat weist eis..., dat ass de Punkt genau, op deen ech wëll eraus!

Well den Här Fayot seet dann, e bësse méi wäit: „An dofir“, fir opzeraume mat der Geschicht, „an dofir, just aus deem Grond steet am Regierungsprogramm, dass d'Regierung wäert en Institut d'Histoire du Temps Présent schafen, dee sech wäert der Studie vun der zäitgenëssescher Geschicht widmen an eng seriö Opschaffung vun deenen Theme maachen.“ Alt erëm eng Kéier, Här Fayot, hutt Der net den Hannergedanken, datt dat, wat da bis elo an der Geschichtsschreiwung hei zu Lëtzebuerg geschitt ass, net seriö gewiescht wär, datt dat onéierlech oder net komplett gewiescht wär? Mir mengen dat op jidde Fall net!

Mir müssen oppassen, datt net, an dat ass déi grouss Fro, déi sech hei stellt, ob hannert där Schafung vun deem Institut fir Zäitgeschicht a gläichzäiteg hannert där Ofschaffung vun esou villen Instituter mat hire Méritten, mat hirer Geschicht, mat hirer Kompetenz an där Unerkennung, déi se eis national an international matbréngen, ob do net e politeschen Agenda hannendrusteet, deen eppes anescht wëllt bezwecken. Eppes ganz anescht, wat mer och gesinn hate während der Referendumsdebatt, während der Debatt iwwert den Artuso-Rapport, während där gläichzäiteger Debatt iwwert d'Geschicht vun eiser Legislatioun iwwert d'Nationalitéit, datt do net eng Dekonstruktioun vun eiser Geschichtsschreiwung, eng Dekonstruktioun vun der Nationalitéit, eng Dekonstruktioun vun eiser Gesellschaft bezweckt ass, wou hei eigentlech en Instrument geschafe gëtt, fir dat ze erliichteren!

(**Interruption**)

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Mir müssen eis froen, ob deen Institut wierklech eng Onofhängegkeet kritt...

► **M. Alex Bodry (LSAP)**.- Dir hutt vill Fantasie!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- ...oder ob en net...

Merci, ech hunn effektiv vill Fantasie, mä mat lech brauch ee se och, well ech mengen, et ass wichteg, fir ze wëssen, wou Der wëllt higoen.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk)**.- Et ass net seriö, wéi Dir schwätzt!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- A mir huelen och...

(**Interruptions diverses**)

► **M. David Wagner (déi Lénk)**.- D'Rietspartei.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Mir huelen och zur Kenntnis,...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk)**.- D'Rietspartei, jo!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- ...datt mer och net eleng an där Analyse sinn. Et gëtt nach Leit, déi hei grouss Méritten am Land hunn, déi sech äänlech Froen gestallt hunn an deenen Avisen, déi zu dësem Gesetz gemaach goufen. Ech zitéieren hei d'Chambre des Fonctionnaires, déi stellt sech och d'Fro mat der „indépendances des différents instituts“. An dann, déi stellt sech d'Fro, wat mat de Lieux de





mémoire geschitt, déi weist d'Geforen op vun deem, wat si nennt d'„Synchronisation vun der Recherche sous l'égide de l'Université du Luxembourg“.

Dat alles si grouss Froen, well mer hei konfrontéiert si mat engem Gesetz, wéi gesot, éischens, wou mer d'Prozedur contestabel fannen, zweetens, wou mer d'Konzept net kennen, wou mer hiwëllen, an drëtzens, wou d'Gefor vun der Schafung vun engem neien Institut aus reng politeschen Iwwerleeungen a mat der Gefor vum politesche Mëssbrauch praktesch op der Hand läit.

Aus all deenen Iwwerleeunge wäert d'ADR dëst Gesetz net stëmmen. Ech soen lech Merci.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann huet d'Wuert elo d'Regierung.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Den Här Hansen war nach virun enger Sekonn heibannen, mä d'Fro ass...

(*Hilarité et brouhaha*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Mir hunn en awer net...

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- En huet wëlles, méi laang ze schwätzen.

(*Hilarité*)

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, ech géif op dëser Plaz fir d'Éischt emol wëllen dem Rapporteur Merci soe fir deen exzellente méndlechen a schrëftleche Rapport. An ech sinn och frou a wierklech ganz zefridden, dass mer op dëser Plaz awer och schonn éischt Debatten hate ronderëm deen Institut fir Zäitgeschicht an dass dat op eng ganz sachlech Aart a Weis op där heiter Plaz vun deene meeschten Orateure gefouert gouf, déi Diskussioun.

Ech géif, ier ech op den Detail aginn, awer och nach verschidde prozedural oder formal Saachen nach eng kéier uschwätzen, déi hei thematiséiert goufen, déi awer net grad allegueren esou sinn, wéi se hei duergestallt goufen.

Et ass näamlech net esou, dass mer nach ni iwwert deen Institut fir Zäitgeschicht an der Chamber geschwat hätten. An der Plénière ass déi Diskussioun zwar wuel nach net gefouert ginn, mä grad wéi d'Décisioun gefall war an dem Regierungsrot, sinn ech an deenen Deeg duerno direkt an déi zoustänneg Kommissioun gaangen an ech hunn och déi Konzepter an déi Iddien, déi do hannendrustoungen, eng kéier explizéiert. A mir haten e laangen Échange an der Chamberskommissioun iwwert déi Konzepter, déi Iwwerleeungen, déi eis a) dozou gefouert hunn, fir deen Institut op der Uni ze integréieren, an dernieft awer och, wat fir eng Ausrichtung deen Institut géif kréien.

Déi Punkten, déi do thematiséiert goufen, haten och e puer Froen dee Moment ervirgeruff, déi mer probéiert hunn, op eng korrekt Aart a Weis och dee Moment emol ze beäntweren, an déi sinn och allegueren nozeliesen an dem Rapport vun där Sitzung vun där Kommissioun, soudass mer net kennen, oder ech op jidde Fall net kann einfach hei dovunner ausgoen, wéi wann dat nach ni thematiséiert gi wär an dass een dat alles einfach iergendwou entdeckt hätt.

An dofir och, Här Kartheiser, wann Dir sot, dass nom 11. Mäerz ni doriwwer geschwat gi wär, dann ass dat carrement net richtig, well dat ass an där Chamberskommissioun, no der Décisioun vun dem Regierungsrot an der Chamberskommissioun de Fall gewiescht!

Da géif ech och nach e puer Saache soen iwwert d'Ausrichtung vun deem IHTP, wou mer eis natierlech och guer net där Interpellatioun verschléissen, wat awer och an där Chamberskommissioun diskutéiert gouf. Dat ass keen Institut, wat sech reng mat dem Zweete Weltkrich beschäftegt. Ech mengen, et ass en Institut fir Zäitgeschicht, wou d'Kapitel Zweete Weltkrich natierlech eng wichteg Roll wäert spillen. An dat ass dee Moment och an där Chamberskommissioun esou presentéiert ginn.

Derniewent kommen natierlech ganz aner Kapitele vun onser Zäitgeschicht an deem Institut, déi sollen do analyséiert ginn an déi och dee Moment allegueren opgezielt goufen, sief et d'europäesch Integratioun, déi och aus dem Zweete Weltkrich hannendrun ervirgaangen ass, sief et d'Geschicht vun de Medien hei zu Lëtzebuerg, sief et d'Geschicht vun der Finanzplaz an esou virun. An ech géif elo hei net méi op den Detail dovunner agoen, well dat natierlech heirunner gekoppelt ass, awer net nëmmen eleng kann an där heiter Diskussioun esou opgefouert ginn.

Dann awer och nach e Wuert der Form halber weinst där Interpellatioun, déi ugefrot ginn ass, an deem, wat anscheinend hei an engem „on-

heemleche Stress duerchgeboxt“ ginn ass; et ass dat natierlech och net de Fall, well déi Décisioun an déi Invitatioun fir déi Chamberskommissioun, déi ass, mengen ech, Ufank Dezember erausgaangen, d'Interpellatiounsuro kour eréischt de 17. Dezember, wéi also scho gewosst war, dass mer doriwwer schwätzen.

An dat ass an där néideger Rou an där Chamberskommissioun och diskutéiert ginn, deen Text, well den Text hei, dee mer haut diskutéieren, deen huet ganz genoe véier Artikelen. Dat wéilt ech awer och nach eng kéier soen, fir dass den Här Kartheiser net seet, dass mer dofir siwe Kommissiounssitzunge bräichten. Mir hunn effektiv zweemol an der Chamberskommissioun an deene Sitzunge geschwat. An dat kann een awer wierklech fir véier Artikelen net duerstellen, wéi wann dat „duerchgeboxt“ gi wär, wéi wann dat Drock gewiescht wär oder eppes an déi dote Richtung!

Wann ech dee Kader eng kéier gesat hunn, wéll ech natierlech soen - an dat géif ech net am Detail hei haut affinéieren, well mer dofir wahrscheinlech nach eng kéier Geleeënheet kréien -, dass déi verschidden Optiounen, wou dat soll ugesidelt ginn, deen Institut fir Zäitgeschicht, déi sinn analyséiert ginn, souwuel an dem Ministère, wou déi zwou Optiounen respektiv aner Optiounen och nach gekuckt gi sinn. An déi sinn an der néideger Rou och gekuckt ginn, fir dann op déi heiten Décisioun ze kommen.

E puer Froen sinn haut de Mëtteg komm, wou ech net méi op den Detail wéilt agoen, vun deenen historesche Considérations, déi allequerte richteg sinn, wat d'Kreatioun vun dem CVCE ugeet. Mä et war nach eppes, wat den Här Wilmes hei thematiséiert huet, wéi wann nach ni e Bilan dresséiert gi wär. An ech mengen, den Här Adam huet dat dann och hei eng kéier gesot: Dee Bilan war eng kéier dresséiert ginn, dee gëtt et, deen ass bei enger Evaluatioun gemaach ginn. An do koumen 43 Recommandatiounen dobäi aus.

Dat war am Joer 2013, wou déi Saach do gemaach gouf, déi Evaluatioun, soudass een natierlech och elo net ka soen, wéi wann déi Evaluatioun net um Dësch géif leien a wéi wann déi Saachen, mengen ech, och an där Chamberskommissioun virdrun net diskutéiert gi wären. Dat war natierlech an där Legislaturperiod nach virdrun.

D'Fro, déi de Mëtteg opkomm ass vun der Deputéierter Bofferding, dat ass, dass deen Institut fir Zäitgeschicht natierlech och soll kucken, fir Sujeten ze traitéieren, déi wichteg si fir d'Land a fir d'Gesellschaft. An där Chamberskommissioun hat ech och d'Décisioun vun der Regierung presentéiert, wou nieft dem Institut u sech e Comité d'accompagnement géif kreéiert ginn, wou ebe grad Leit drätsen aus der Lëtzebuergescher Gesellschaft, fir kennen och ze kucken, dass där Sujeten do thematiséiert ginn. An dat an deem Kader, wéi d'Uni e kennt an hirer Autonomie, fir eben där Sujeten och do eranzeichen a fir dass genee dat dote beuecht gëtt. Ech wëll eng kéier drop hiweisen, dass et dat och bei anere Centre-interdisciplinair bei der Uni gëtt, wou och där Leit an esou Comitée sëtzen, an dass dat natierlech och ganz gutt fonctionnéiert, ouni dass dat en Agréiff ass an d'Autonomie vun der Uni.

D'Fro ass gestallt ginn, ob deen Institut dann och déi Visibilitéit géif kréien, déi e verdéngt hätt. Ech gräifen dann nach eng kéier der Diskussioun vir, déi mer bestëmmt eng kéier hei féieren. Et ass elo net, dass deen Institut iergendwou an enger Fakultéit verschwénnt oder e klengen Institut anzwousch gëtt, deen net mat deenen néidege Moyenen ausgestatt wär. Deen Institut gëtt e Centre interdisciplinaire, an dat hunn ech och schonn eng kéier hei, mengen ech, op eng Question orale geäntwert gehat.

Dee Centre interdisciplinaire huet eng ganz prominent Plaz an der Universitéit. Deen hänkt direkt och ënnert dem Recteur, fir dass eben och déi Autonomie an déi Visibilitéit garantéiert ginn. An esou e Centre interdisciplinaire, wéi den Numm et seet, dee schafft natierlech mat deene verschiddene Fakultéiten, mat deene verschiddene Leit aus der Universitéit zesummen, fir natierlech och deene Fuerschungsprojete kënnen gerecht ze ginn.

Ee Wuert iwwert den Direkter, well dat eng Schlüsselpersoun natierlech an där ganzer Opstellung vun deem IHTP ass. Deen Direkter, dee gëtt vun der Uni rekrutéiert. Do lafen, wéi dat sech gehéiert, déi Rekrutement. Déi Profiller fir deen Direkter goufen an Zesummenaarbecht mat engem Headhunter vun der Uni ausgeschafft. Déi goufe publizéiert an der leschter Woch, souwäit ech weess, op international spezialiséierte Portailen, fir eben deen Direkter oder déi Directrice dann ze sichen. An déi wäerten och Enn der Woch, souwäit ech weess, awer och an der Lëtzebuergescher Press anoncéiert ginn.

Mä dat Rekrutement, dat leeft, gëtt vun der Uni mat engem Comité de recrutement gemaach, esou wéi dat bei all deenen anere wichtige Poste bei der Universitéit geschitt. An dat geschitt och ënnert der Autonomie vun der Universitéit, fir eben och ganz deenen Diskussiounen, wéi mer se hei schonn awer liicht erausgespuert hunn, fir deenen aus de Féiss ze goen a fir dass d'Uni kann an hirer Onofhängegkeet déi doten Décisioun treffen.

An deen Direkter ass net schonn am Virfeld gewosst, wéi dat och emol dorëmmer thematiséiert gouf! Dee gëtt onofhängeg vun der Universitéit erausgesicht.

Natierlech kann een elo soen, dass dat vläicht e bësse méi laang dauert wéi de Mee, de Juni oder de Juli, bis deen Direkter do ass. Mä dat muss een natierlech och an esou engem Kontext virausgesinn. An dann ass et och un deem Direkter, fir herno ze kucken, wat mat an deen neien Institut erakënnt, wou déi Leit herno allequerte wäerten och ënnerdaach kommen.

An et wär jo och irresponsabel, fir elo schonn d'office allegueren déi Leit aus dem CVCE an deen Institut ze setzen. Dat steet jo och net am Gesetzestext. Do steet, dass déi all op d'Universitéit iwwerholl ginn an dass duerno natierlech och deen Direkter ka kucken, wou e seng Ressource siche geet, sief et bannent deene 40 Leit, déi do iwwerholl ginn, sief et an déi aner Fakultéite vun der Uni, sief et, dass en och nach nei Leit derbärekrutéiert, déi e brauch, fir deen Institut do op korrekt Been ze setzen.

E puer Saachen awer och nach iwwert de CVCE, déi hei ernimmt ginn oder ernimmt goufen. An deem CVCE ass sécher e ganze Koup un Aarbecht gemaach ginn. Déi gi jo och allegueren mat iwwerholl. Do muss ee jo wësen, dass och an där Zäit, wou e bestanen huet, méi wéi 40 Milliounen Euro u Steiergelder dragefloss sinn. An dann ass et och natierlech all eis Aufgab, fir ze kucken, dass déi Suen och kennen an deem Sënn récupéiert ginn, dass dat, wat Guddes do ass, och kann an d'Uni integréiert ginn. A fir dass een dat och richteg zesummeleet, gehéiert en natierlech, mengen ech, an déi nei Struktur, wéi och grad dee Volet vun den Digital Humanities, wou deen eng wichteg Roll wäert spillen.

D'Gesetz selwer ass, mengen ech, ganz kloer. Ech hat d'éinescht ernimmt, et ass e klengt Gesetz mat véier Artikelen, wou eben d'Personal iwwerholl gëtt, wou dat, wat u Rechter an intellektueller Propriétéit eben dodran ass, och mat iwwerholl gëtt op d'Universitéit a wou dat op den 1. Juli dann, also op den allerleschte Juni eben ofgeschafft gëtt, fir dass dat vum 1. Juli un dann an der Universitéit ass.

Weider Detailer, mengen ech, kënnen mer nach eng kéier an där Interpellatioun dann hei thematiséieren. Da gesäit een natierlech och e bësse méi kloer, wéi et mat den Aarbechte virugaangen ass op der Uni, well déi natierlech och lafen; dat géif ech lech awer haut och mat op de Wee ginn. Do gëtt et Reuniounen innerhalb vun der Uni, fir sech do déi Gedanken ze maachen, fir dat richteg ze preparéieren. An do gëtt et natierlech och Aarbechtsreuniounen mat dem CVCE a bei dem CVCE, fir alles, wat eben do ufält u Froen, fir déi ze regelen, fir dass dat säi Wee mécht.

Ech sinn am Fong souguer frou, dass mer nach méi intensiv wäerten driwwer schwätzen. Ech sinn och iwwerzeegt, dass an deenen nächste Méint nach méi dacks wäert kontrovers iwwert deen doten Institut geschwat ginn. An ech mengen, grad dat ass et jo och, wat d'Universitéit brauch, wat d'Land brauch, fir esou en Institut opzustellen.

An ech géif, fir ofzeschléissen, soen: Hei schafe mer zwar wuel - haut - eppes of, mat deem heite Gesetz, mä op där anerer Säit maache mer en Neufank fir eppes Neies, eppes Grousses, eppes Innovatives hei zu Lëtzebuerg, wat mer hei an dësem Land brauchen. Mir huelen ee Puzzlestück haut ewech, fir et a méi e grouse Puzzle ze integréieren. An deen Neufank, mengen ech, maache mer och mat deem heite Gesetz, wat mer elo och an der Chamber sollen dann ofstëmmen. An ech sinn natierlech frou, wann dat Gesetz gestëmmt gëtt, dass Diskussiounen an deenen nächste Méint och nach weiderhi gefouert ginn.

Ech sinn awer och iwwerzeegt, dass mer eis als Politik sollen aus der Autonomie vun der Uni, grad an dësem Dossier, esou vill wéi méiglech eraushalen. An op där anerer Säit sinn ech dann awer och iwwerzeegt, dass d'Uni dee Réckgrat huet, fir déi heiten Diskussioun, déi am Land an och an deem heite Kontext gefouert gëtt, richteg duerchzeestoen, mat där Erfahrung, déi d'Uni an dësem Kontext awer huet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Minister.

A mir kennen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6863 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6863 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt elo direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer. 59 Participatiounen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Bei der Madamm Loschetter ass näischt passéiert. Ech hu si net kritt hei bei der Procuratioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ah, bei der Procuratioun? Okay. Da sinn et 60 Participatiounen. An ech ginn dann emol dovun aus, dass et 34-mol Jo, 3-mol Neen an 23 Abstentione sinn. Jo, dat geet op. Merci! De Projet ass dann ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Adehm), Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

D'Regierung huet, weinst Terminfroen, gebieden, dass mer kéinten déi zwee nächst Projeten inverséieren. An ech hunn och do de Go kritt souwuel vun de Rapportere wéi vun deenen eenzelne Fraktiounen. Ech soe Merci do derfir.

Mir géifen dann zum Projet 6827 iwwergoen, wou et iwwert de grenziwwergräifenden Austausch vun Informatiounen bei Verstéiss am Stroosseverkéier beziungsweis wat d'Stroosesecherheet ugeet geet. An d'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché. Et ass de Basismodell vun der Riedezeit. Madamm Lorsché!

**5. 6827 - Projet de loi modifiant la loi du 19 décembre 2014 facilitant l'échange transfrontalier d'informations concernant les infractions en matière de sécurité routière**

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Merci, Här President, ech kann lech berouegen, et geet ganz séier. Dir Dammen an Dir Härën, beim Projet de loi 6827 geet et just ëm dräi kleng Modifikatiounen vum Gesetz vum 19. Dezember 2014. Wéi Der wësst, handelt et sech bei deem Gesetz, wéi den Här President gesot huet, ëm de grenziwwerscheidenden Informationsaustausch am Beräich vun de Verkéiersinfraktiounen.

Bekanntlech hate mer mat deem Gesetz eng europäesch Direktiv ëmgesat - dat war d'Direktiv 2011/82 -, mam Zil, schwéier Verkéiersinfraktiounen och da kennen ze sanktionéieren, wa se an engem anere Land begaange gi wéi deem, wou d'Gefier immatrikuléiert ass, an d'Verkéierssecherheet op déi Manéier kennen ze erhéien. Déi Direktiv war natierlech ganz gutt gemengt, mä si hat e juristeschen Hoken: Si huet sech näamlech op déi international Zesummenaarbecht vun der Police beruff an net op d'Verkéierssecherheet, déi eigentlech mat där Direktiv viséiert war.